N°8369
Entrée le 16.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8369 vum 5. Oktober 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Léon Gloden.**

*Wéi vill Dosen Nirsevimab sinn disponibel?*

Am Kader vun der Impfcampagne fir kleng Kanner géint d'Bronchiolite sinn den 21. September 4.500 Dosen (dovunner 2.500 Dosen vun 100 mg an 2.000 Dosen vun 50 mg) Nirsevimab geliwwert ginn. Déi geliwwert Dosen goufen un die 4 Maternitéë verdeelt, fir Neigebuerenen ze impfen, an och eng Quote Dosen un privat Praxissen.

*Wéi vill Dose sinn insgesamt bestallt ginn?*

Fir 2023-2024, sinn am Ganzen 14.200 Dosen bestallt ginn, dovun ginn 8.000 Dosen bis Enn vum Joer geliwwert fir die Neigebueren an d'Puppelcher, déi 2023 op Welt kommen, ze schützen.

*Geet dat duer, fir nieft den Neigebuerenen och all d'Kanner, déi tëschent dem 1. Januar an dem 30. September 2023 gebuer sinn, ze impfen?*

Wann ee vun de Statistiken vun de Gebuerten vun deene leschte Joren ausgeet, ginn déi jeeweileg Dosen, déi bis Enn vum Joer geliwwert ginn, duer fir Puppelcher déi an där vum honorablen Députéierten ugeschwate Period gebuer goufen. Et ass awer ze bemierken datt, ofhängeg vun hirem Gewiicht am Moment vun der Impfung, verschidden Puppelcher, déi tëscht Juli a September 2023 gebuer sinn, den 50 mg Dosage wäerte kréien.

*Ass den Impfstoff och bei de Kannerdokteren disponibel?*
*Wann nee, firwat net?*
*Ab wéini kënnen och d'Pediateren d'Kanner impfen*

D'Kannerdokteren hunn d'Méiglechkeet déi zwee Dosagen am Kader vum Programme de Vaccination National iwwert déi vun den Dokteren bekannten Impfstoffbestellungsprozedur ze bestellen.

D'Liwwerungen un d'Kannerdokteren hunn Freides den 29. September 2023 ugefaang an ab deem Dag ass et méiglech säi Kand bei engem Pediater impfen ze loossen.

Lëtzebuerg, den 16. Oktober 2023

D'Gesondheetsministesch,
(s.) Paulette LENERT